



## Dateschutzhiweis

Den Zougang zu engem sécheren an héichwärtegen Impfstoff géint COVID-19 ass een entscheidende Bestanddeel vun der nationaler Pandemiebekämpfung.

A Kombinatioun mat deenen aneren Elementer vun der ëmfaassender Virusbekämpfungspolitik, nämlech d'Preventioun, d'Diagnos an d'Tester, d'Isolatioun vun infizéierte Persounen, den Tracing an d'Quarantän vu Kontaktpersounen, den Traitement vu COVID-19-Patienten, souwéi d'Sensibilisatioun an d'Informatioun, wäert d'Impfung eng entscheidend Roll beim Rette vu Mënscheliwwen, der Andämmung vun der Pandemie, dem Schutz vum Gesondheets- a Fleegeesystem spillen an zur Relance vun eiser Ekonomie bäidroen.

An deem Kader ginn déi perséinlech Donnéeë vun de Persounen, déi ageluede ginn, sech impfen ze loossen, a vun de geimpfte Persounen, vu folgenden Acteure gesammelt a verschafft (d.h. vun der Instanz, déi den Zweck an d'Mëttel zur Veraarbechtung vu persounebezunnen Donnéeë festleet):

- D'Gesondheidsdirektioun, well se responsabel ass fir d'Organisatioun an d'Gestioun vun der Impfcampagne, awer och fir d'Iwwerwaachung vun der Sécherheet a Qualitéit vun den Impfstoffer, souwéi der Impfstoffopnam (Undeel vu Persounen, déi an engem bestëmmten Zäitraum mat enger bestëmmter Impfdosis geimpft goufen) an dem Duerchimpfungstaux (Undeel vun der Populatioun, déi als duerch d'Impfung geschützt gëllt, um Enn vun engem bestëmmten Zäitraum) am ganze Land.
- D'Generalinspektioun vun der Sozialversécherung, well dës d'Persounen op Basis vun der Impfstrategie identifizéiert, déi ageluede ginn, sech impfen ze loossen.

Dës Intervenanten traitéiere perséinlech Donnéeë konform un d'Reglement 2016/679 vum Europäesche Parlament an dem Conseil vum 27 Abrëll 2016 am Zesammenhang mat der Protektioun vu physesche Persoune betreffend der Bearbechtung vun de perséinlechen Daten an dem fräie Zirkuléiere vun Donnéeën, déi d'Direktive 95/46/CE annulléiert (Allgemengt Règlement zum Dateschutz, heirënner "Reglement").

D'Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeën am Kader vun der Impfcampagne gëtt ausgefouert fir (i) Persounen zur Impfung alueden ze kënnen, (ii) Persounen, déi sech impfe loosse wëllen, et z'erméiglechen impfen ze loossen, (iii) d'Sécherheet vum/vun den Impfstoff/er, souwéi d'Qualitéit z'iwwerwaachen, besonnesch duerch d'Iwwerwaachung vu senger/hirer Wierksamkeet, an (iv) d'Opnam an den Duerchimpfungstaux.

Déi rechtlech Grondlag fir dës Veraarbechtung baséiert op:



- Dem ofgeännerte Gesetz vum 17. Juli 2020 iwwert d'Mesuren am Kampf géint d'Pandemie COVID-19
- Dem Gesetz vum 24. November 2015, dat dat ofgeännert Gesetz vum 21. November 1980 iwwert d'Organisatioun vun der Gesondheetsdirektioun an dat ofgeännert Gesetz vum 16. August 1968 iwwert d'Ariichte vun engem "Centre pour le développement des compétences langagières, auditives et communicatives" modifizéiert
- Dem Gesetz vum 4. Juli 2000 iwwert d'Responsabilitéit vum Staat a Saachen Impfung
- Dat ofgeännert groussherzoglecht Reglement vum 15 Dezember 1992 iwwert d'Afféiere vu Medikamenter op de Marché

D'Kategorië vun de perséinlechen Donnéeën, déi vu verschiddenen Intervenanten am Kader vun der Impfcampagne veraarbecht gi, si folgend; si hänke vun der Participatioun vun de Persounen of:

- Perséinlech Identifikatiounsdonnéeën (Numm, Virnimm, Gebuertsdatum, Geschlecht)
- Kontaktdonnéeën (Telefonsnummer an E-Mail-Adress);
- National Identifikatiounsnummer (Matricule);
- Den Impfstoff-Zouuerdnungskrittär, wéi en an der d'Impfstrategie definéiert ass;
- Donnéeën, fir déi méiglech Presenz vu Konterindicatiounen, der Presenz vu Gesondheitsproblemer oder anere Risikofacturen, souwéi d'Optriede vu Niewewierkungen z'ermëttelen;
- D'Impfen (Choix, Datum, d'Plaz wou d'Impfung stattfonnt huet);
- D'Charakteristike vun der Impfung (d'Injektiounsplaz, d'Mark vum Impfstoff, d'Seriennummer, d'Administratiounsnummer an den Oflafdatum).

Perséinlech Donnéeë kënnen un déi folgend Destinatären iwwermëttelt ginn:

- De Staatlechen Zenter vun den Informatiounstechnologien (CTIE), deen zoustänneg ass fir d'Verschécke vun den Invitatiounen, deen d'Plattform fir d'Huele vun engem Rendezvous zur Verfügung stellt, an deen den informatesche System geréiert, iwwert deen déi perséinlech Donnéeën am Zesammenhang mat der Impfung traitéiert ginn
- Den nationale Service fir Immunologie an Allergologie vum CHL fir den dréngenden allergologeschen Avis wa Persoune mat engem groussen allergesche Risiko op d'Impfung an den Impfzenter kommen;
- Am Fall wou een Dossier iwwert d'Pharmacovigilance opgemaach gëtt, un de Centre Régional de Pharmacovigilance de Lorraine. Et sief unzemierken, dass de Centre Régional de Pharmacovigilance de Lorraine standardméisseg Accès op Dossiere vu schwangere Fraen kritt, um Moment wou si geimpft ginn, fir dës esou bis zum Schluss vun hirer Schwangerschaft iwwert d'Sendung vun zwou E-Maile suivéieren ze kënnen;
- D'Generalinspektioun vun der Sozialversécherung, déi d'Donnéeë kritt, fir dës deene verschiddenen                      öffentleche                      Fuerschungsinstituter                      a



Form vu pseudonymiséierten Donnéeë fir wëssenschaftlech Fuerschungszwecker zur Verfügung ze stellen.

Déi perséinlech Donnéeë vun all Intervenant ginn, konform zu de respektive legalen Obligatiounen, just esou laang gehale wéi et fir de verfollegten Zweck néideg ass an net doriwwer eraus. Beispillsweis hält d'Gesondheitsdirektioun perséinlech Donnéeën op Basis vum ofgeännerte Gesetz vum 17. Juli 2020 iwwert d'Mesuren am Kampf géint d'Pandemie COVID-19.

All physesch Persoun deenen hir Donnéeë veraarbecht ginn huet d'Recht Accès op seng perséinlech Donnéeën ze froen an eng Kopie ze kréien, sou wéi, am Fall wou des perséinlech Donnéeën inkomplett oder falsch sinn, dës Donnéeën ze verbesseren. Se huet ausserdeem d'Recht Veraarbechtung vun de perséinlechen Donnéeën anzeschränken, Recht sech senger Veraarbechtung z'opposéieren, sou wéi d'Recht drop dass dës geläscht ginn, ënnert der Konditioun a bannent de Limitten, déi am allgemengen Dateschutzreglement festgeluecht sinn.

Et ass méiglech d'Ausféiere vun dësen opgelëschte Rechter unzufroen, andeems Dir eng schrëftlech Demande maacht, an där Dir Är Identitéit beleet.

- Fir d'Veraarbechtung am Kader vun der Organisatioun a Gestiou vun der Impfcampagne an der Iwwerwaachung vun der Sécherheet, Qualitéit an dem Duerchimpfungstaux, un d'Gesondheitsdirektioun - [info\\_donnees@ms.etat.lu](mailto:info_donnees@ms.etat.lu) - 13a, rue de Bitbourg, L-1273 Luxembourg
- Fir d'Veraarbechtung am Kader vun den Impf-Invitatiounen, un d'Generalinspektioun vun der Sozialversécherung ("Inspection générale de la sécurité sociale") - [igss@igss.etat.lu](mailto:igss@igss.etat.lu) - 26, rue Zithe, L-2763 Luxembourg

Dir hutt och d'Méiglechkeet, eng schrëftlech Reklamatioun bei der nationaler Dateschutzkommissioun (CNPD) u folgend Adress anzereeche: 15, boulevard du Jazz, L - 4370 Belvaux oder an deem Dir den Online-Formulaire ausfëllt, deen Iech ënnert der Rubrik "Particuliers" um Internetsite vum der CNPD zur Verfügung steet -> Maacht Är Rechter geltend.